Spidol
EECHTERNOACH

RESPONSABLE DES SOINS (w/m/d) – CDI

Mir wëllen eisen 47 Bewunner en „Doheem" bidden andeem si an engem familiären Ëmfeld e selbstbestëmmten Liewensowend verbrénge kennen.

Fir déi kommend Joren wärt eis Haapterausfuerderungen doranner bestoen, déi bewunnerorientéiert Art a Weis ze schaffen op déi zousätzlech 52 Better ze applizéieren.

Fir dëser Erausfuerderung gerecht ze ginn, siche mir e Mataarbechter deen Interessi un folgendem Posten huet:

Aufgabegebidd:

- Direkten Virgesetzten vum Fleegepersonal
- Opsetzen vun Déngscht- & Congéspläng
- Preparatioun vun de monatlechen Stonnenkonnten fir de Personalbüro
- Facturatioun – Assurance Dépendance & CNS
- Reevaluatiounen & direkte Kontakt mat der AEC
- Direkte Kontakt mat de Bewunner & Familljememberen
- Dir sidd Member an der Equipe vum Soin an och vun der Equipe dirigeante
- etc.

Äre Profil:

- Dir sidd diplomiéiert(en) Infirmier(ière)
- Dir hutt wéinstens 5 Joer Berufserfahrung am Aaleberäich
- Dir beherrscht déi lëtzebuergesch, däitsch a franséisch Sprooch
- Den Ëmgang mat MS-Office ass fir Iech kee Problem
- Dir sidd bereet Verantwortung an eng aktiv Roll an der Konzepterstellung ze iwwerhuelen
- Dir sidd empathesch, motivéiert an hutt Ausdauer

- Et ass vu Virdeel wann dir e vergläichbare Posten bekleet hutt
- Kenntnisser vu Mocca & Grips si vu Virdeel

Mir bidden :

- En onbefristen Kontrakt an der CCT-SAS
- En Posten mat 40 Stonnen / Woch
- En eegestännegt Haus wat op kuerzem Déngschtwee Decisiounen ëmsetze kann
- etc.

Dir fillt Iech ugeschwat a sidd der Meenung dat Dir déi richteg Persoun fir dëse Posten sidd, da géinge mir eis iwwer Är Kandidature freeën.

Areechen kennt Dir Är Dokumenter ënnert: info@spidol-echternach.lu